ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. November 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

D'Regierung an d'Police grand-ducale hunn d'Bild, dat d'Police no baussen ofgëtt, verännert. Dëst mat engem neie Logo, mat neien Dekoratioune vun de Gefierer, mat engem neie Site um Spaweck a mat villem méi. Et fält op, datt den Zousaz "grand-ducale" bei dësem Bild komplett feelt (mat Ausnam vun der Facebooksäit).

Dobäi steet awer am Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert d'Schafung vum Corps vun der Police grand-ducale, mat deem d'Fusioun tëschent der Police an der Gendarmerie grand-ducale realiséiert gouf: Article 1er: "Il est créé un corps de Police grand-ducale (...)".

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1) Wien huet d'Decisioun geholl, den Zousaz "grand-ducale" falen ze loossen? Wat ass d'Ursaach fir dës Decisioun?

2) Ass dës Decisioun kompatibel mam Gesetz vum 31. Mee 1999? Wann net, wëllt d'Regierung d'Gesetz an dësem Punkt änneren?

3) Ass d'Regierung där Meenung, datt d'Traditioun vun der "Gendarmerie grand-ducale" net méi muss geéiert ginn, an datt net méi soll un déi groussherzoglech Gendarmerie an der Denominatioun vun de Sécherheetscorpsen hei am Land erënnert ginn?

4) Deelt den Här Minister d'Meenung, och am Zesummenhang mat sengen anere Portefeuillen an der Regierung, datt onst Land beim "Nation Branding" seng Stellung als eenzege Grand-Duché vun der Welt misst méi an de Virdergrond stellen?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten